N° 7647
Entrée le 15.03.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

**Äntwert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 7647 vum 22. Februar 2023 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen**

**Ad 1):**

Am Kader vun hiren alldeeglече Missioune fueren d'Patrulle vun der "Unité de la Police de la route" déi genannte Streck, souwuel zu de Spëtzestonne wéi och am normale Verkéiersfloss, a féieren esou präventiv a repressiv mobil Kontrollen aus. Dës ginn awer net spezifesch statistesch erfaasst.

Zu de Spëtzestonnen tëscht 6:45 Auer an 9:15 Auer si statesch Kontrolle mam mobille Radar wéineg Zil féierend, well et duerch de staarke Verkéier net zu Geschwindegkeetsiwwerschreidunge komme kann. Och kënnen - a sollen - aus sécherheetsrelevante Grënn net vill zousätzlech statesch Kontrollen op der Autobunn ausgefouert ginn.

**Ad 2):**

D'Datebanke vun der Police erlaben et net eng automatiséiert Recherche duerchzeféieren, déi sech ob esou vill Variabele bezitt, wéi se vum honorabelen Deputéierte gefrot ginn. Doduerch kënnen déi gefroten Zuelen a Punkto Vitesseverstéiss op dësem bestëmmten Tronçon an engem kuerzen Zäitraum net erausgezu ginn.

Lëtzebuerg, den 15. Mäerz 2023

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX